



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01. Dezember 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Et geet ëm d'Maskepflicht an de Schoulen a Betreuungsstrukturen. Hei hunn rezent eng Rei Orthophonisten an aner Spezialisten festgestallt, datt d'Maskepflicht vum Personal negativ Auswierkungen op d'Kanner kann hunn. Dat an deem Sënn datt d'Kanner net méi dat ganzt Gesiicht vun de Besuchspersoune gesinn. Doduercher kënnen gewësse Problemer optrieden, virun allem beim Léieren vun der Sprooch. An der Haaptsaach betrëfft dat kléng Kanner an de Crèchen, déi am gaange si schwätzen ze léieren. Betraff sinn awer och Kanner mat Dyslexien oder Kanner déi Friemsprooch léieren. Et ass deemno wichteg datt sou e Kand d'Lëpsen an de Mond vum Enseignant oder Educateur ka gesinn.

Dowéinst wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen.

1. Ass sech d'Regierung dëser Problematik bewosst?
2. Am Fall wou d'Maskepflicht nach méi laang gëllt si Mesure virgesi fir dësem Problem entgéint ze wierken?
3. Wäre et méiglech fir dat betrëfft Personal vun der Maskepflicht ze befreie wann si am Déngscht sinn?
4. Wéi eng Moosnamen hält d'Regierung fir Defiziter vun de betraffene Kanner opzefänken?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup Deputéierten

